



Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2025.65506.SECR

Péteng, den 19. März 2025

Betreff: Är Froe vum 19. Februar 2025

(Den Dossier gött bearbecht vum Här Christophe FERREIRA- Tel.: 50 12 51 – 3053)

Här Welter,

An Ärem Bréif vum 19. Februar 2025 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe:

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Eng rezent Etude huet gewisen, datt eng Collaboratioun zwëschent Police a Agents municipaux (Pecherten) méiglech ass.

Verschiede Gemengen am Land hunn dëse Wee ageschloen, net nëmme fir d'Gemengebeamten um Terrain ze ënnerstëtzen, mee och fir Proximitéit vun der Police de BiergerInnen um Terrain ze präsentéieren.

D'Zesummenaarbechten haten ënnerschiddlech Objektiv, ënnert anerem fir déi aktuell Collaboratioun zwëschent de Policeservicer a Gemengeservice objektiv kennen ze beurteilen an se wa méiglech verbesseren, mee awer och méiglech Formatiounen unzebiden oder ze verbesseren.

Baséierend op déi néi ugepassten Attributiounen vun den Agents municipaux, déi eng Erweiterung vun hiren Tâchen a Responsabilitéite mat sech bruecht huet, sinn Ofleef a Rollen an der Praxis nach net kloer genuch definéiert gi.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Free stellen:

1. Hu Policebeamten, déi zu Péteng affektéiert si, an der Vergaangenheet (vum Juli 2022 aus un), mat eisen Agents municipaux d'Geleeënheet gehat zesummen ze schaffen? Falls jo, wéi oft war dat de Fall?

2. Falls net, kann sech de Schäfferot sech virstellen, esou eng Kollaboratioun unzufänken, fir eng besser objektiv Analyse vum Terrain ze hunn/ze kréien, de spéiderhin och kéint an de Plan local de securité materanfleissen kéint?

Mat Respekt,

*Christian Welter
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op Är Froen:

Här Welter,

Zanter dem Bestoe vun den Agents municipaux, an net eréischt säit Juli 2022, schwätze si sech all Dag mat dem Gemengepersonal wéi och mat de Membere vun der Police Grand-Ducale of fir am Virus ze bestëmmen, jee no Kompetenz, wéi eng Entitéit wat fir engen Doléancen noheet a ween a wéi engem Fall intervenéiert.

Dës deeglech Zesummenaarbecht dréit zanter Joren hier Friichten an ass e grouse Bäitrag zur Liewensqualitéit an eiser Gemeng.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,